KÄLTÉITENG

Bulletin Communal
Août 2014

Séances des 24 mars
et 13 mai 2014
Sitzungen vom 24. März
und
13. Mai 2014

Gemengerot
Sëtzung vum Méinden, 24. Mäerz 2014

Dauer: vun 14h30 bis 17h15.

Präsenz: John Lorent, Buergermeeschter, Marcel Humbert et Patrick Brücher, Schäffen, Romain Becker, Astrid Belleville, Carlo Birchen, Romain Daubenfeld, José Gonçalves dos Anjos, Patrick Krings, Nico Migliosi, Viviane Petry, Camille Thomé, Jean Weiler, Conseiller, Nadine Braconnier, Sekretärin.

Tagesordnung:

1. **Korrespondenz an Informatiounen**
   - Présentatioun vum Plan pluriannuel de financement

2. **Finanzen**
   - Devis vum Projet „acquisition de machines pour l'atelier communal"
   - Devis vum Projet „acquisition d'une voiture électrique"
   - Devis vum Projet „aménagement du parking Brill et mise en place de toilettes publiques"
   - Don vun engem TLF

3. **Acte**
   - Acte d'échange Amlelux

4. **Emwelt**
   - Klassement vun den Haiser 5, 7, 14 an 18 rue de Tétange zu Kayl
   - Klassement vum „Brucherbierg-Lallénger-bierg" als Naturschutzzone

5. **Adoptioun vum Laber „Fair Trade"**

6. **Personal**
   - Verlängerung vun engem CDD-Posten als Aarbëschter
   - Schaafen vun engem CDD-Posten als Em-**ployé**

7. **Punkt vum Conseilljee Romain Becker**

8. **Froen vun de Conseilljeeren**

Conseil communal
Séance du lundi, 24 mars 2014

Durée: de 14h30 à 17h15.

Présents: John Lorent, bourgmestre, Marcel Humbert et Patrick Brücher, échevins, Romain Becker, Carlo Birchen, Astrid Belleville, Romain Daubenfeld, José Gonçalves dos Anjos, Patrick Krings, Nico Migliosi, Viviane Petry et Jean Weiler, conseillers, Nadine Braconnier, secrétaire.

Ordre du jour :

1. **Correspondance et informations**
   - Retrait du syndicat PROSUD
   - Présentation du Plan Pluriannuel de Financement

2. **Finances communales**
   - Devis du projet « acquisition de machines pour l'atelier communal », approbation
   - Devis du projet « acquisition d'une voiture électrique », approbation
   - Devis du projet « aménagement du Parking Brill et mise en place de toilettes publiques », approbation
   - Don d'un véhicule d'incendie

3. **Acte**
   - Acte d'échange Amlelux, approbation

4. **Environnement**
   - Inscription à l'inventaire supplémentaire des monuments nationaux des maisons sises 5, 7, 14 et 18 rue de Tétange à Kayl, avis
   - Projet de règlement grand-ducal déclarant zone protégée d'intérêt national sous forme de réserve naturelle la zone « Brucherbierg-Lalléngerbierg », avis

5. **Adoption du label Fair Trade, décision de principe**

6. **Personnel**
   - Prolongation d'une poste CDD d'ouvrier communal, approbation
   - Création d'un poste CDD d'employé, approbation

7. **Point porté à l'ordre du jour par M. le conseiller Romain Becker**

8. **Questions des conseillers**

I Korrespondenz an Informatiounen

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP) :

Mir eenegen eis dorop dass et halwer dräi ass. Ech entschëllen den Här Patrick Brücher, deen bis véirel op zwou Schoul gehalen huet an deen awer dann am Laf vun dëser Sitzung zou eis wäert stoussen.

Ech begréissen Iech alleguerten ganz härzlech zu dëser Sitzung déi eigentlech éischter teintéiert ass vun enger gewëssener Routine. Et ass awer och vu Säiten vun 2 Conseilleren iwwert den Artikel 13. Froen un de Schäfferot geriicht ginn.

Ech géif 2 Informatiounen hei Präis ginn déi de Conseil schon wees, déi éicht ass dat eisen Livestream lescht Kéier net richteg funktionnéiert huet a mer keng Donnée enregistrée hunn, dat heecht dat mer e Probleem haten. Dofir ass och de Renaud Lambert haut hei am gang intensiv an d'Maschinen ze kucken dass mer dat dann un d'goen kréien. Ech entschëllege mech am Numm vum Schäfferot fir deen Contretemps, dat war net sou gemengt. Mir haten eis eben op d'Technik verloos an d'Technik huet eis e bëssen am Stach geloos. De Gemengerot ass informéiert doriwer an mer hunn awer versicht dat ze kompenséieren an deem mer en administrative Bericht gemach hunn fir an de Bulletin communal. Dat ass déi éicht Informatioun. Déi 2. Informatioun ass dass de Prosud eng reconstituéierent Sitzung hat no de Walen vum 20. Oktober wou eng Partie Änerunge komm sinn an der Besetzung vum Komitee vum Prosud respektiv och am Bureau. Do ass Riets gewiecht dass nach emool géif hei zu Kayl ugeklappt ginn fir den Dialog nach emoool unzefänken. Déi Leit déi d'Tageblatt gelies hunn wëssen dass dat och op der Generalversammlung vun der LSAP sou gesot ginn ass. Mer waren zu 13 Meedercher a Jongen déi decidéiert hunn, dass mer eigentlech géifen Abstand huelen aus enger Memberschaft vum Prosud. Dat ass och déi Positioun déi wärt viru bestoen. Wann den Här Biancalana well e Gespréich iwer Telefon oder och op der Gemeng féieren, wärt dat dozou féieren dat kloer an däitlech gesot gett dat d'Gemeng Kayl net op déi Positioun hei zeréck kennt. Mir hunn eis hei 1 Joer Zait geholl fir dei Decisioun hei ze huelen. Déi Decisioun ass mengen ech en toute connaissance de cause geholl ginn. Dat ass och dat wat ech dem Här Biancalana wäert signaliséieren.

Voilà, dann hu mer och ënnert Correspondance et Informations "d'Présentation du Plan Pluriannuel de Financement". Mir hunn do zwou Obligatiounen fir de Conseil an d'Bild ze setzen. D'Madame Braconnier huet Iech och déi néideg Ennerlagen gescheckt dei obligatoresch sinn. Ech wollt hei dei Presentatioun ganz kuerz halen, andeem ech eng Partie Remarken zu deem Plan pluriannuel machen.

D'emblée kann ee soen wéi de berühmte franséiche Sproch ass: La situation est grave, mais pas désespérée. Wann een kuckt wei d'Evolutioun vun de Gemengefinanzen ass, da si mer schon an enger situation de gravité. Et ass net fir Spreng ze machen. An dofir ass et esou dass mer an Zukunft och wärten mussen all Euro 2x emdréinen éier mer en eweg ginn. Dat schengt mer d'Massgab ze sinn. Ech wollt soen dat den ordinairen Budget, also de Boni am Ordinairen, dëst Joer mat 777.000.- Euro veranschlagt ass. Dee geet 2015 op 962.000.- Euros erop, 2016 op 1,329 Milliounen, 2017 op 2,2 Milliounen an 2018 op 1, 9 Milliounen. Dat seet Iech lo net ganz vill. Virun allem doduerger dat mer dee Report vun dësem Joer an d'capacité d'autofinancement mathuelen dee mer dëst Joër matgeholl hunn vu 4,8 Milliounen kommen mer an d'Situatioun dass de Budget vun 2014 nach ganz konfortabel ass, mee wann dee Report net méi do ass, da leie mer bei enger capacité d'autofinancement teschend 2015 an 2018 teschend 1,8 an 2,2 Milliounen. Dat ass net fir grouess Spreng ze maachen, et ass bekannt an dat wësse mer. Wat ech nach wollt soen ass, dat mer um Niveau vum Gemengerot doduerger dat mer e Budget gestëmmt hunn, respektiv verschidden Devisen gestëmmt hunn an eng Partie Décisiounen geholl hunn déi impaktéieren natierlech op de Plan pluriannuel de financement. Wann ech lo déi gréisst Sujeten hei huelen (ech zielen déi ganz kuerz op), dat ass d'Investissement fir de Centre culturel an d'Rei ze setzen, d'Investissement fir d'Waassergaass déi mer zesummen décidéiert hunn, d'Investissement fir d'Maison Relais hei um Widdem. Dat sinn Dossieren déi scho beschloss sinn. Dat ass eemol 3,5 Milliounen fir de Kulturzentrum, 3,5 Milliounen fir d'Rue de l'eau, an fir d'Maison relais nei ze bauen sinn et 3,3 Millioune. Wat prinzipiell hei schon diskutéiert gin ass, respektiv wou schons Suen am Budget virgesinn sinn fir verschidden Ausgaben ze maachen, dat ass eemol d'Maison relais déi nach soll zu Téiteng bäigebaut ginn, d'Restauratioun vun der Faubourg-Schoul an och d'Extensioun vum Widdem am Kader vun der Diskussioun déi mer haten iwwert d'Quartierschoulen. Mer hunn d'Maison relais zu Téiteng mat 3 Milliounen agesat, d'Restauratioun vum Faubourg nëmme mat 2 Milliounen. Et ass just eng Estimatioun, et leit kee Projet fir. Den Här Krings huet eng Fro gestallt, wéi et domat ass da si mer lo ganz virsichteg virgang an mer hunn och fir d'Extensioun Widdem am Plan pluriannuel mol 3,3 Milliounen agesat. Déi 100.000 Euro déi mer do hannendrun hänken vun deenen 3,3 , dat sinn déi, déi mer dëst Joer am Budget hunn, ganz einfach fir déi Etuden ze maachen déi mer brauchen fir hei de Widdem auszebauen.

Wa mer déi dooten 6 Dossieren kennen, 3 bestemmter fir déi en Devis existéiert an 3 Stéck wou mer nach keng Devisen hunn, mee wou mer Wëlles hunn der ze machen, da si mer eleng schon mat deenen 6 Dossieren op engem Financement vun 18,4 Milliounen. Ech hunn Iech lo grad Chiffre gesot vun der "capacité d'autofinancement". Wa mer lo nach déi ordinaire Recetten a Subsiden déi mer vu Säiten vun der Regierung kréien fir déi verschidden Ausgaben ze maachen asetzen, dat heescht 2,2 Milliounen fir 2015, a 400.000 fir 2016 da bleift nach en deckt Lach ze financéieren.

Dee Programm, dee vum Gemengesyndicat SIGI entwéckelt ginn ass, dee berechent automatesch wann een déi Finanzementsbedürfnisser an den "Plan pluriannuel de financement" bei déi extraorinaire Dépensen bäisetzt wat fir eng Emprunten mir mussen touchéieren. An e repercutéiert och de Montant vun den Emprunten direkt op d'Annuitéiten an op d'Zënsen déi mussen bezuelt ginn. Et ass e super Programm deen ausgeet vun den Comptabilitéiten vun de Gemengen alleguerten an dat ass e formidabelt Instrument, dat muss ech soen. Et ginn jo heiansdo Diskussiounen op de SIGI vill fir d'Gemenge mecht oder net, wat de Plan Pluriannuel ugeet muss ech soen dat deen op Basis vun engem Excel-Tableau erschafft ginn ass, an dat ass awer schon e ganz wichtegt Dokument. Si hunn och Parameteren dragesat déi di lo mol par défaut vun hinnen agesat gi sinn wat den ordinaire Budget ubetrëfft, an mir halen déi fir gutt. Mi wessen jo dat all 6 Méint en Update muss kommen vum Plan pluriannuel, dat heescht dat ass eng Aarbecht fir quasi all Dag fir dee Plan pluriannuel do an der Riit ze halen. Den David Wagner deen sech em de Contrôle financier këmmert vun der Gemeng, deen hällt déi Datebank hei à jour. Déi nächst Kéier wa mer hei en Devis op den Dësch kréien, da muss deen entspriechende Montant an den Plan pluriannuel agesat ginn, souwuel an "Depenses extraordinaires" wéi an "d'Recettes extraordinaires". Wéi gesot, Finanzéierungslücke kréie mer keng wa mer d'Emprunten natierlech touchéieren. Et geet nach emmer duer fir déi Emprunen ze bezuelen a mer funktionnéieren eigentlech riicht virun wéi mer an deene leschte Jorzéngte funktionnéiert hunn. Wann déi Gemeng sech weider eppes wëllt leeschten oder wëllt eppes kafen dann ass de Recours op en Emprunt unabdingbar. Wann een dat lo perspektivesch kuckt da changéiert dat net. Wa natierlech Diskussioune sinn op mer mussen zu Téiteng eng Maison relais bauen oder net, da sinn dat Diskussiounen déi mer hei am Gemengerot musse féieren. Mer hu Suen an de Budget gesat fir déi Aarbechte virzegesinn an der Logik eng Politik ze féieren an ze kucken wou mer hannen eraus kommen. Wéi et de Moment ausgesäit komme mer hannen eraus. Mee et ass ganz kloer dat fir nei Projet'en kee Sputt do ass, ausser fir déi, dei ech elo genannt hunn. Wa mer dat do lo realiséiert hunn dann hunn mer 18,4 Milliounen verbaut. Dat muss jo nach finaliséiert a gebaut

I Correspondance et informations

I.1. Retrait du syndicat PROSUD

Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) rappelle que l'enregistrement de la dernière séance du conseil communal n'a pas fonctionné à cause d'un problème technique et que de ce fait, un rapport administratif a été publié dans le bulletin communal. Par ailleurs, il informe le conseil communal de la réorganisation du comité de Prosud suite aux élections du 20 octobre. Prosud souhaiterait reprendre le dialogue avec la commune de Kayl, néanmoins Monsieur le bourgmestre souligne que la commune ne reviendra pas sur sa décision de se retirer du syndicat.

I.2. Présentation du Plan Pluriannuel de Financement

Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) déplore l'évolution des finances communales et annonce que celles-ci tendent vers une situation de gravité à l'avenir. Il précise que le budget ordinaire de cette année prévoit un boni de 777.000 €, celui de 2015 est estimé à 962.000 €, celui de 2016 à 1,329 millions, celui de 2017 à 2,2 millions et en 2018, il est évalué à 1,9 millions. Il ajoute que si l'on joint le report de 2013 (4,8 millions) à la capacité d'autofinancement, le budget de 2014 est encore assez confortable. Entre 2015 et 2018, la capacité d'autofinancement se situera entre 1,8 et 2,2 millions.
Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) explique que le plan pluriannuel de financement est imparti par le budget et les devis votés. Il énonce les grands projets d'ores et déjà votés :

- la rénovation du centre culturel Schungfabrik (3,5 millions),
- les travaux de réaménagement dans la rue de l'eau (3,5 millions),
- la construction de la maison relais « Widdem » (3,3 millions).

Une estimation de budget a été prévue pour certaines dépenses :

- le réaménagement de la maison relais à Tétange (3 millions),
- la restauration de l'école du Faubourg (2 millions),
- l'extension du « Widdem » (3,3 millions).

Le coût de financement de ces 6 dossiers se chiffre à 18,4 millions.
Par ailleurs, le bourgmestre John Lorent (LSAP) présente les avantages de l'outil informatique de comptabilité développé par le Syndicat Intercommunal de Gestion Informatique (SIGI). Celui-ci cal-

ginn a wann dat alles bis eemol steet da muss d'Majoritéit déi aus deene nächste Gemengewahlen ervir geet do op deem Niveau virufueren. Dir wësst jo och dat d'Aarbechten an der Regel net sou séier viruginn wéi een sech dat virhëllt, dat ass heiansdo lästeg well Präisser an d'Luucht ginn, a well een de Notzen vun deenen Infrastrukture nach net huet, op der aner Säit muss een awer gesinn dass mer déi 18, 4 Milliounen einfach net gestëmmt kréien an engem oder 2 Exercicen. Et ass ganz kloer dass dat opgedeelt gett. De Pic vun de Gemengescholden an dëser Mandateperiod wärt 2016 sinn ënnert der Virausgab natierlech dat d'Aarbechten sou viruginn wéi se hei programméiert sinn. Dann ass de Pic bei 21,2 Milliounen. Mer waren mat Momenter mol schon driwwer, mee dat ass eppes wat ee muss gesinn a wat een och muss determinéieren wann ee wees wéi d'Aarbechten avancéieren.

D'Verdingab fir d'Maison relais hei zu Kayl ass geschitt, déi Entreprisen déi net zeréckbehale gi sinn déi hunn hiere Bréif kritt an Verdingab ass ennerwee dat heescht den Optrag ass eraus, do ginn d'Aarbechten dann un, dat heecht dann elo konkret dat lo Depensen uginn. An der Waassergaas zu Téiteng ass et nämlecht, do ass den Entrepreneur den Dellizotti, deen huet just ofzewaarden dat hei uewen op der Bréck en Accès via rue Notre Dame funktionneiert, soss kommen déi mam Camion guer net dohinner. Se sinn am gang a wann do op ass da fänkt de Chantier zu Téiteng an der Waassergaas och un.

Voilà d'Emprunt'en déi virgesi sinn déi automatesch an de PPF gesat ginn, dat ass fir 2015 een Emprunt vun 4,7 Milliounen, 2016 4 Milliounen an 2017 110.000 Euro, dat sinn déi Emprunt'en déi de System automatesch rechent a mer wärten dann wéi gesot op dee Pic do vun 21,2 Milliounen kommen.

Dat ass dat wat ech lech matzedeelen hunn. Wann een lo e Plan pluriannuel financier wierklech sérieux mecht, da freet een sech effektiv op een nach e Budget brauch, well bei deenen Ausgaben déi am PPF bei 2015 do stinn, do sinn mer schon ganz noo un der Realitéit, dat heescht et kann een dovun ausgoen dass, wat déi grouss Dépensen betrefft,dat de Budget vun 2015 deem hei Plan financier 2015 wahrscheinlech ganz staark wärt gleichen.

Voila, am Gesetzestext ass just eng Informatioun vum Conseil virgesinn. Ech hoffen dat ech elo komplett genuch war, déi aner Ennerlagen hu der. Dir hut jo nach iwwert de Wee vum "Droit d'initiative" de Moyen fir dat Eent oder dat Anert noozefroen. Voilà, dat sinn déi Informatiounen déi zum Plan pluriannuel ze ginn waren.
Lo wou den Här Brücher hei ass profitéiere mer vun der Geleeënheet fir zéien ze loossen ween als éischten aus der Urne kennt, fir dass mer kee Prozedurfeeler hei maache.

Den Jean Weiler,ass de „Premier sorti de l'urne"!

II Finanzen

II.1. Devis vum Projet „acquisition de machines pour l'atelier communal „

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP) :

Sou da komme mer zu de Gemengefinanzen, mer hunn 3 Devisen ze stëmmen an och den Don vun deem alen "Tanklöschfahrzeug". Ech begréissen dann och an Ärem Numm de Patrick Brücher.

Den éischten Devis also: Mer haten e Budgetsartikel virgesinn am Budget vun 2014 fir Material a Maschinnen ze kafen fir am Gemengenatelier. Den Devis chiffréiert sech op 113.043,48.- € ouni TVA, dat ass also mat der TVA déi nach emmer op 15 % ass, ech betounen, de Chiffre deen am Budget virgesi war: 130.000.- €. Eisen Atelier hat diskutéiert, an engem Joer wou et ganz vill geschneit huet, iwwert e Salzsilo fir den Atelier. Ech hu lo um Radio héieren dat et vill am Schwarzwald schneit, dat do scho ganz vill Accidenter waren. De Gemengenatelier hat 2013 schon fir e Salzsilo gefrot, do hate mer gesot dat mer dat kucken, déi hunn sech awer awer drugehalen. Et schengt mer effektiv e reellen Besoin do ze fir d'Manipulatioun vum Salz wann et eng Urgence ass. An et ass ëmmer eng Urgence wann et schneit, da geet et natierlech vill méi bequem, vill méi séier mat engem Silo. En ass veranschlagt mat 52.000.- €. Eng Dréibänk, déi mat Zubehör fir ronn 30.000.- € veranschlagt ass, do soen ech lech awer ganz kloer: déi gi mer nach net kafen. Mer hunn eng Dréibänk do stoen, mee se soen déi wier an engem schlechten Zoustand. Ech mengen fir 30.000.- €, dat ass awer schonn eppes, do muss de Schäfferot awer fir d'éischt pièce à l'appui iwwerzeegt ginn, dass deen Investissement noutwendeg ass. Wann eppes komplizéiertes ze dréinen ass, do ginn et spezialiséiert Firmaen, dat kenne mer och an der Soustraitance machen, dofir wëssen mer et nach net genee, dofir hunn mer Decisioun nach net geholl. Ech huelen se mol mat am Devis, fir dass dat formell an der Rei ass, mee et steet nach zur Diskussioun.

Dann e neien Groupe électrogène fir 25.000.- €. Deen dee mer hunn dat ass Militärtechnik, deen ass net méi um neitsten Stand wat d'Emissiounswerter ubetrëfft an dofir hu mer eis dozou bereet erklärt fir e neien ze kafen dee vill vill manner Emissiounen huet a natierlech och mat deem selwechten Volume vill méi Stroum mécht an och vill méi performant ass. Dee Groupe ass mat 25.000.- € veranschlagt. An dann eng Tellerschläifmaschinn fir den Atelier fir 5.000.- €. Dat alles zesummen hu mer fir 113.000.- € a mat der TVA fir 130.000.- €. Dir wësst dat, wann en Devis gestëmmt ass, da musse mer eis hannendrunner un d'Marchés publics-Gesetz halen. A wi gesot dat mat der Dréibänk dat ass nach net formal décidéiert dass déi Maschinn kaf gett. Wa mer hei en Devis stëmmen heescht dat net dass déi Saachen mussen ugeschaaft ginn. Sou, da géif ech dem Conseil d'Wuert ginn fir dozou Stellung ze bezéien. Réckmeldungen? Jo den Här Becker.

Romain Becker (Conseiljee, DP):
Jo also während der Diskussioun ëm de Silo ... Just fir ganz kloer zesinn, ass dat e Silo dee gebraucht gett fir Salz? Ass dat e Silo deen iwwerdeckt ass, deen zou ass? Well fir 52.000.- €... E brauch net schéin zesinn. Wéi ass dat virgesinn?

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):
Ech weess net op dir schonn ee gesinn hutt. Ponts et chaussées huet een, deen ass aus Holz. Dee steet einfach fräi an der Landschaft an en ass aus Holz fir dat e net corrodéiert. Dat ganzt Material ass verzénkt well soss hält et d'Salz net aus. Uewen ass en Deckel drop. D'Gemeng Hesper huet och een do stoen.

Romain Becker (Conseiljee, DP):
Jo, et kann ee net soen et géif een et net brauchen, well wann e Joër kennt wou mer rëm vill Schnéi hunn, da gëtt rëm geklot et wier näischt prett. Trotz dat et vill Suen sinn ass en awer unzeschafen. Par conter si mer verwonnert iwwert eng Dréibänk vun 30.000.- €. Lo si mer schonn 2 mol verwonnert well mer eis och wonneren dat de Schäfferot hei eppes op den Ordre du jour setzt wat selwer mol net décidéiert ass. 30.000.- € si vill Suen. Ech fannen et wier awer lo bëssen iwwerdriwwen do 30.000.- € auszeginn, do huet een da besser sou Aarbechten engem Privatbetrib ze ginn. Wann een dann de Groupe eléctrogène kuckt deen 25.000.- € kascht, do hu mer eis just gefrot ob dat reng fir den techneschen Service ass oder ass dat och e Groupe deen ausgeléint gëtt un d'Veräiner. Wéi ass déi geduecht? Well 25.000.- € dat ass och schonn eng stramm Somme. D'Tellerschläifmaschinn dat wäert dann sinn fir Beton a Glas ze zéien. Et ass just déi Dréibänk an de Groupe électrogene déi leien eis bëssen um Mo.

Romain Daubenfeld (Conseiljee, LSAP):
Mir hunn eis an der Fraktioun déi selwecht Fro gestallt mat der Dréibänk an dofir hu mer jo gesot, dat et net sécher ass dat déi Dréibänk kaf gëtt. Ech mengen wann d'Gemeng sech de Moyen muss ginn fir d'Leit an hirem Atelier schaffen ze loossen da musse mer et an de Bud-

cule automatiquement les emprunts à toucher (4,5 millions en 2015, 4 millions en 2016 et 110.000 euros en 2017) ainsi que leurs répercussions sur les annuités et les intérêts qui doivent être payés. Monsieur le bourgmestre rappelle que la mise à jour du plan pluriannuel de financement se fait tous les six mois et que Monsieur David Wagner, qui est en charge du contrôle financier, est chargé de la maintenance hebdomadaire de la base de données.

Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) souligne que si la commune souhaite financer un autre projet, un recours à un emprunt sera inévitable et qu'il n'y a pas de marge dans le budget prévu pour d'autres projets de grande envergure. Le pic des dettes communales (21,2 millions) se situera en 2016 sous condition que les travaux avancent dans les délais impartis.
Il informe le conseil communal de l'avancement des projets extraordinaires. L'adjudication du gros œuvre pour la construction de la maison relais au Widdem a été faite. Les entreprises qui n'ont pas été retenues ont été informées par courrier postal.
Pour le projet « Waassergaas », c'est l'entreprise Dellizotti qui a été déclaré adjudicataire. Dans un souci d'éviter l'obstruction des voies routières, l'entrepreneur Dellizotti attend qu'un accès via la rue Notre Dame soit fonctionnel avant de commencer les travaux de réaménagement de la rue de l'eau.

II Finances communales

II.1 Devis du projet « acquisition de machines pour l'atelier communal »

Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) énonce les 3 devis à soumettre au vote du conseil communal. Le premier devis s'élève à 113.043,48.- € HTVA et porte sur l'acquisition de machines pour l'atelier communal. Un silo à sel est estimé à 52.000.- €, un tour à 30.000.- €, un groupe électrogène à 25.000.- € et une affûteuse à 5.000.- €. Il ajoute que le tour ne sera pas acquis dans l'immédiat, car il y en a déjà un de disponible et certaines opérations de tournages mécaniques peuvent être effectuées en sous-traitance. Le groupe électrogène existant est usé et ne respecte pas les nouvelles normes en matière d'émissions polluantes. Un nouveau groupe plus performant et moins polluant s'impose.

Monsieur Romain Becker (DP) demande si le silo à sel est recouvert.

Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)

get setzen, da musse mer en Devis doriwwer stëmme loossen. Dat war de Grond firwat mer et gemaach hunn, wa mer se net mussen hunn da musse mer effektiv kucken fir mat aussestehend Firmaen ze schaffen, mee wa mer se mussen hunn, dann dierfen mer net zécken fir eis se unzeschafen.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):
Bon dass mer eis eens sinn, ech mengen mer hu déi 130.000.- € an de Budget gesat och aus der Ursaach well mer d 'Opportunitéit nach net kennen, déi steet nach aus. Awer wa mer en Devis stëmmen da stëmme mer e finanzielle Rahmen, an deen schöpfe mer komplett aus. D'Verdingabe, oder ob eppes ausgeschriwwe gëtt dat ass dat nach ëmmer eng Iwwerzeegungsaarbecht, respektiv dat ass eng Décisioun vum Schäfferot. Den Devis ass e finanzielle Ruck et kann een och dono décidéieren et net ze maachen, dat ass parfaitement legitime bei der Exekutioun vun den Aarbechten. Ech verstinn och Är Remarque. Et hätt en dann 2 Devisen kenne maachen, mee mer schöpfen déi Méiglechkeeten aus déi mer hunn fir déi 130.000.- € ënnert d'Leit ze bréngen.

Bleiwe mer beim ordinaire Budget, dat ass och de finanzielle Rahmen, och wann een 10.000.- Euro huet heescht dat och net dass een déi 10.000.- Euro muss verbrennen. D'Regierung respektiv de Schäfferot huet parfaitement d'Recht fir bei den "Dépenses non obligatoire" just bis op 90 % vun de virgesinnen Dépensen ze goen. Et ass eng Décisioun vun der Exécutive fir dat sou ze maachen. Bon wat Dréibänk ubetrëfft, dat ass nach laang net sécher. Wat de Groupe ubetrëfft do muss ech awer soen, dat ass e Besoin, well dee Groupe dee mer hunn dat ass Militärtechnik an do spillen d'Emissiounen eng Roll. De neien Groupe ass technesch méi upto-date an en ass geduecht fir de Gemengenatelier a gëtt virun allem emol fir de Besoin vun der Gemeng Käl gebraucht, ganz kloer.

Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng):
Jo also de Groupe steet natierlech fir ëffentlech Evenementer zur Verfügung. Deen dee mer lo hunn vun de Pompjeeën, deen ass net méi um neitste Stand, en ass 30 Joer al dat heescht och ökologesch net méi wierklech um neitste Stand. De Problem ass dass d'Emissiounen net méi den Normen entspriechen a natierlech och de Rendement relativ niddereg ass. Wéi gesot, well deen och op eisen ëffentlechen Evenementer zum Asaz kennt, ënnert anerem op der Fête de la musique, oder fir verschidden Veräiner, ware mer der Meenung dat et wierklech un der Zäit wier fir e Groupe unzeschafen deen zumindest vun der ekologescher Siicht an och an enger energetescher Siicht lo um neitste Stand ass.

Viviane Schenten-Petry (Conseiljee, déi gréng):
Ma déi Fro op de Groupe och fir ëffentlech Evenementer gebraucht gëtt ass elo beäntwert.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):
Ma ech mengen dir wësst jo awer wéini dës Groupen agesat ginn, dat ass wann Fête de la musique oder wann e Blummemaart ass, dann brauche mer dat. Do ass d'Gemeng jo Organisateur. Den Här Weiler an den Här Goncalves.

Jean Weiler (Conseiljee, CSV):
Ech wollt nach eng Kéier froen wéinst der Dréibänk déi mat hei am Budget steet, well de Schäfferot sech dat nach eng Kéier iwwerleeën well déi ze kaafen. Dee Moment wou en definitiven Devis do ass, gëtt se dann hei nach eng Kéier gestëmmt oder ass dat e Fräibréif un de Schäfferot se dann ze kafen?

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):
Dat ass, Här Weiler, e Fräibréif fir de Schäfferot. Mee wann ech e Fräibréif bräicht da géif ech net soen dass mer eis et nach iwwerleeën fir en ze kafen oder net, da géif ech soen mer brauchen en, an da stëmme mer en an dann ass et esou. Dat hunn ech net gesot, well ech net iwwerzeegt sinn.

Jean Weiler (Conseiljee, CSV):
Just eng technesch Fro bei der Tellerschläifmaschinn: do steet se hätt eng Leeschtung vu 400kW, ech mengen dat ka net sinn, sou wéi dat do steet.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):
Wéi gesot, de Service technique huet dat sou proposéiert, hei ass och eng Ënnerschrëft drop. Da kucke mer dat, dat ass wahrscheinlech e materielle Feeler.

José Goncalves (Conseiljee, CSV):
Ech kommen zeréck op den Elektrogroup, ass dat en Elektrogroupe deen op enger Remorque ass oder en Elektrogroupe deen muss gefouert ginn mat enger Camionette oder mat engem Camion?

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):
Et ass een dee muss mat engem Camion hin an hier gefouert ginn.

José Goncalves (Conseiljee, CSV):
Jo da fannen ech dat effektiv e bëssen deier, ech hat gemengt dat wier een deen méi mobil wier, deen op engem Unhänger hätt kennen transportéiert ginn.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):
Also Dir kennt d'Prozedur, mer kucken wat d'Marchés publics Gesetz seet, an et ginn 3 Offere gefrot an dee bëllegsten kritt se. Mir hu keen Intérêt fir méi Suen dofir auszeginn wéi mer effektiv brauchen fir eis esou eppes unzeschafen.

Romain Becker (Conseiljee, DP):
Ech komme nach eng Kéier op de Groupe zeréck. Ech ginn do net ganz kloer. Meng Fro war: kréien d'Veräiner e geléint wann si e brauchen, jo oder nee? De Buergermeeschter seet et ass fir den Atelier an de Schäffen seet et ass och fir d'Veräiner.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):
Bis elo hu mer diskutéiert, Här Becker, wann d'Gemeng Organisateur ass, da stellt d'Gemeng de Groupe dohinner a stellt d'Elektresch zur Verfügung. A wien profitéiert dovunner? Selbstverständlech d'Veräiner.

Romain Becker (Conseiljee, DP):
Jo, mee bis haut ass et awer meeschtens esou gewiescht, dass de Groupe vun der Protection civile zum Asaz koum ass an dee gëtt jo net ersat oder? Dat do ass fir den Atelier, net fir d'Servicer vun de Pompjeeën.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):
Lauschtert, dass mer hei kloer schwätzen, dee Groupe vun de Pompjeeën deen hunn si ënnert hirer Verantwortung an do gëtt et e Reglement wann se dee verlounen. Souwäit ech informéiert sinn gëtt et kee Règlement fir dat Material ze verlounen dat der Gemeng gehéiert an am Atelier steet, sou eppes hu mer net. Mer setzen de Groupe dohinner, wann eng Feier ass, oder 2 Grouper deemno wat mer brauchen fir déi Feier ze organiséieren, dat Stroum do ass, awer dass dat verlount gëtt, dovunner gëtt et keng Regel. Also wa mer lo an déi Richtung ginn, dass mer elo de Groupe wëlle verlounen da musse mer eng Regel maachen. Da kenne mer nach ëmmer soen, d'Pompjeeën hunn een, da gitt bei d'Pompjeeën, déi hunn och en Tarif dofir.

Romain Daubenfeld (Conseiljee, LSAP):
Et schéngt mer eng Logik ze sinn dat wann d'Gemeng ee Groupe keeft, an d'Gemeng organiséiert e Fest, dat de Groupe da kann eraus goen, éischtens. Zweetens, wann de Groupe gebraucht gëtt fir d'Veräiner, an deen aneren geet eventuell net duer, schengt et mer logesch ze sinn dat de Schäfferot doriwwer kann a muss décidéieren op de Club deen och zur Verfügung ka gestallt kréien. Da muss eng Méiglechkeet fonnt ginn datt wann Fester mat der Gemeng a fir d'Gemeng organiséiert ginn, de Groupe zur Verfügung gestallt gett, dat ass awer eng Logik.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):
An der Logik datt dee Groupe dee manner Emissiounen huet och am meeschten zum Asaz kennt. Dat ass evident.

Romain Daubenfeld (Conseiljee, LSAP):
explique que le silo est en bois galvanisé et qu'il est donc étanche.

Monsieur Romain Becker (DP) rappelle que lors de fortes chutes de neige, un silo à sel serait d'une grande utilité pour accroître la réactivité lors du salage des routes. Il s'étonne que les 30.000.- € pour un tour soit à l'ordre du jour, alors que l'achat n'a pas encore été validé par le collège des bourgmestre et échevins. Il est favorable à l'externalisation des opérations de tournage spécifiques. Il s'interroge sur l'usage du groupe électrogène et demande si celui-ci sera utilisé uniquement par le service technique ou s'il pourra être utilisé par des associations de la commune.

Monsieur Romain Daubenfeld (LSAP) répond que l'utilité d'un tour a été questionnée et c'est pour cette raison que son achat n'a pas encore été validé.

Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) explique que les devis représentent seulement un cadre financier qui reste ensuite questionnable; toutes les dépenses ne doivent pas obligatoirement être exécutées. Le collège des bourgmestre et échevins pourra toujours remettre en cause certains devis ultérieurement. Il met ensuite en lumière la nécessité du nouveau groupe électrogène qui est plus moderne et constitue un besoin réel pour l'atelier communal et la commune de Kayl.

Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi greng) adhère au fait que le nouveau groupe électrogène sera mis à la disposition des associations de la communes et que celui des pompiers est devenu obsolète et contrevient aux normes actuelles d'émissions polluantes.

Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)

Monsieur Jean Weiler (CSV) demande si le fait que le tour soit intégré au devis offre un passe-droit au collège des bourgmestre et échevins pour l'acheter. Il doute par ailleurs de la puissance de l'affûteuse (400kW sont indiqués sur le devis).

Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) rétorque que l'achat du tour reste incertain et qu'il s'agira d'en débattre ultérieurement. Il ajoute que le service technique a fourni les informations relatives à l'affûteuse et que celles-ci seront vérifiées plus tard.

Monsieur José Gonçalves dos Anjos (CSV) demande si le groupe électrogène est sur une remorque ou s'il faudra le transporter avec un camion

Och dat ass eng Logik!

Romain Becker (Conseiljee, DP):
Eng Ursach huet meng Fro awer och nach: et ass argumentéiert ginn an der Zäit, dass de Groupe vun de Pompjeeën net méi sollt verléint ginn, well dee gëtt jo och tatsächlech gebraucht wann en Asaz wier, plëtzlech. Dofir sollt dat och reduzéiert ginn aus ganz prioritäre Grënn. Also ass d'Fro elo, wann mer dee net méi geléint kréien, ass et dann dee vun der Gemeng deen ee ka geléint kréien.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):
Eventuell. Mee dir wesst jo, mir hunn 2 Groupen, deen een ass fréier ofkaaft ginn vun der WSA an dat ass Militärtechnick, wou een haut net méi kann dermat d'Accord sinn mat deenen Emissiounen an ech géif och soen wann et eng Kéier esou wäit ass, da musse mer deen a Reserve halen a nëmmen am extreme Noutfall eraushuelen. Deen hei Groupe deen lo kaf gëtt, deen déngt eigentlech am Plaz vun deem Groupe deen am meeschte gebraucht gëtt.

Romain Becker (Conseiljee, DP):
Da géif ech proposéieren dass awer un engem Reglement géif geschafft ginn, fir dann awer d'Méiglechkeet ze ginn fir wann e Veräin e gréissert Fest huet, fir dee Groupe awer dann vun der Gemeng ze lounen.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):
Dat ass richteg. Wa mer gär hätten dat manner Emissiounen bei esou Geleeënheete sinn, dann hu mer Intérêt fir ze soen: deen doten ass deen éischten deen erausgeet, wann ee gebraucht gëtt. Ass dat ok esou?

Romain Daubenfeld (Conseiljee, LSAP):
Woubäi ëmmer eng Prioritéit muss dobäi leien dass d'Gemeng Organisateur oder co-Organisateur ass.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):
Dat ass souwisou ëmmer de Fall. Ech géif et verréckt fannen fir dee Groupe dee mer vun der WSA hunn ze verschrotten, well deen ass gefléckt ginn. En ass ëmmer nach als ultime Reserve ze gebrauchen. Dee frësst jo kee Brout, da gëtt en op d'Säit gesat an da gëtt en remiséiert fir den extreme Noutfall.
Sou da loosse mer et zum Vote kommen. Déi, déi mam Devis fir d'Machinen d'accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ween ass dergéint, ween enthält sech?

VOTE UNANIME

II.2. Devis vum Projet „acquisition d'une voiture électrique"

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):
Ech ka mer virstellen dass beim Devis vun engem elektreschen Auto dann déi selwecht oder eng ähnlech Diskussioun wäert opkommen. Mir haten an eisen respektive Fraktiounen och eng Diskussioun ob de Leasing besser ass. Mir hunn iwwert de Budget décidéiert fir en elektreschen Auto unzeschafen fir Erfahrungen ze sammelen. Ech muss och soen dass eisen responsabelen Beamten, de Raymond Künsch, immens skeptesch war wéi mer gesot hunn dass mer wëllen Erfahrungen sammelen mat engem Elektroauto. E war der awer elo e Puer testen an zënter deem huet seng Skepsis sech awer komplett geluecht. Dat ass schonn eppes wat interessant ass fir op lokalem Niveau ze circuléieren. Et ass en Elektoauto deen mer einfach kennen mat enger Prise hei um Widdem oplueden a wou een einfach elo mol Erfahrungswäerter brauch. En ass geduecht hei fir d'Verwaltung selwer, fir hei um Territoire vun der Gemeng ze circuléieren, virun allem fir de Service urbanisme, den teschneschen Dëngscht a fir all déi Beamten déi eppes am Duerf ze erleedegen hunn. De "Point d'attache" vun deem Won wäert hei uewen um Widdem sinn. De Käschtepunkt dovun beleeft sech op 35.000.- Euro. Do ginn et der och déi vill méi deier sinn an déi ganz gutt ginn mee ech mengen mir bleiwen hei awer bei deem wat mer eis virgeholl hunn, fir Erfahrungen ze sammelen, dat heescht et gëtt net dat deierst wat um Maart ass. Den Här Künsch ass erausgewielt ginn fir sech e bëssen ze informéieren an en huet erausfonnt dass et awer och Vehikelen ginn déi ënner 30.000.- Euro leien an déi een awer am Alldag kann gebrauchen. Voilà, dat gesot géng ech iech d'Wuert ginn fir dozou Stellung ze huelen.

Jean Weiler (Conseiljee, CSV):
En Elektroauto ass eigentlech predestinéiert fir op lokalem Niveau ze fueren, an emweltteschnesch ass dat eng gutt Saach well en keng Emissiounen huet hei an eisen Wunngebidder. Et muss een elo just kucken wat do elo virgesinn ass well do ginn et jo och verschidden Modeller a verschidden Kontrakter wou een d'Baterien matkeeft oder an Locatioun hellt an se ersat kritt wann d'Batterien futti sinn. Vum Besoin hir ass esou en Auto awer schonn ideal op lokalem Niveau.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):
Ech mengen et geet an déi Richtung dass den Auto kaf gëtt an d'Batterien geleast ginn.

Romain Daubenfeld (Conseiljee, LSAP):
Bei der Diskussioun ob soll geleast oder kaaft ginn hunn mer an der Fraktioun Ustouss um Präis fonnt. Ech mengen et ginn däer Autoen och schonn fir manner deier ze kafen. Mir wëllen net onbedengt dat bëllegst huelen awer och net dat deierst an ech mengen mir sollen lo mol kucken Erfahrungswäerter ze sammelen an da kucken wéi dat weider geet. Effektiv, d'Batterie leasen an den Auto kaafen schéngt mer de richtegen Wee ze sinn fir ze goen.

Romain Becker (Conseiljee, DP):
Bei 35.000.- Euro muss een jo schonn 5.000.- Euro fir d'Steckdous rechnen, wann een dat richteg kuckt, dat kascht jo och eppes, et huet een jo net einfach eng Dous mat esou vill Stroum an der Mauer. Dat anert ass dass et mech ëmmer nees erstaunt dass ee muss Essaien maachen. D'Rad ass erfonnt, et gëtt et schonn zimlech laang. An den 20er Joeren goufen et schonn Elektroautoen, do erstaunt et mech wierklech dass mir mussen Erfahrungen sammelen. Mir kennen e Projet pilote doraus maachen, Tatsaach ass awer: Et ass e ganz normalen Auto. Wann een kuckt wat am Text vum Devis steet dann ass am Fong schonn en Auto erausgesicht, do steet jo schonn quasi d'Seriennummer vun der Batterie mat drop. Dat wonnert een och ëmmer, well et geet een Devisen froen, et geet een sech informéieren mee wann ech hei den Text awer liesen dann ass fir mech schonn kloer definéiert wat elo do kënnt. Ech denke mer just dass en lokal-fuerenden Auto, dee kéint kleng ausfalen an et sollt een eng gewëssen Flexibilitéit och nach dono bei der Uschaafung hunn.

Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng):
Dat hei ass eng Moossnam déi och en Vue vum Klima-Pakt geholl gëtt. Ee vun de Critèren ass jo dass d'Gemeng op ekologesch Transportmëttel ëmklëmmt. Ech mengen et soll een net elo bei deem engen Elektroauto bleiwen mee à moyen oder à long terme de Fuerpark vun der Gemeng an der doten Hisiicht erneieren. Wisou Erfahrungswäerter sammelen? Ma et muss een kucken wéi et mat deenen Batterien ausgesäit: Wéi laang halen se?, wat geschitt dono domat?, wéi gesäit et mam Recyclage aus? Dat sinn Froen déi een sech muss stellen och wann et an den 20er Joeren Autoen gouf déi mat Batterien gefuer sinn. Ech mengen dat sinn jo awer och Critèren déi hei eng Roll spillen, besonneg wat de Recyclage ugeet. An dat ass eng Fro déi nach net gekläert ass an do musse mer déi verschidden Alternativen am Schäfferot kucken. Zu Lëtzebuerg sollen 2018 20.000 Elektoautoen ënnerwee sinn an mir sinn elo eréischt bei e puer Dausend, also nach wäit dervun eweg. Dat setzt awer och viraus dass déi néideg Infrastruktur do ass, z.B Bornen fir Elektroautoen kennen opzelueden. Dat ass och eng Fro déi à moyen terme muss gekläert ginn a wéi fern d'Gemeng bereet ass fir esou Bornen opzeriichten an esou d'Circulatioun vun Elektroautoen ze ermeiglechen. Dat sinn alles Froen déi mat deem heiten Electroauto a Verbindung stinn.

ou une camionnette et s'étonne du prix élevé. Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) répond qu'il faudra le transporter avec un camion et rappelle que la procédure veut que l'on se tienne à la législation sur les marchés publics stipulant que 3 offres doivent été demandées et que celle économiquement la plus avantageuse sera retenue.

Monsieur Romain Becker (DP) s'inquiète de savoir si le groupe électrogène pourra être utilisé par les associations locales puisqu'il est d'ordinaire d'emprunter le groupe de la Protection civile lors de festivités dans la commune. Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) explique que si la commune est organisatrice d'un événement, le groupe électrogène sera mis à la disposition des associations et qu'il n'existe pas de règlement relatif à la location du groupe électrogène tel qu'il en existe pour celui des pompiers.

Monsieur Romain Becker (DP) argumente en signalant qu'il a été mentionné que le groupe électrogène des sapeurs-pompiers ne devrait plus être mis en location pour des raisons de priorités en cas d'intervention. Il demande si dès lors, le groupe de l'atelier communal pourra être exploité par les associations. Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) propose de garder le groupe électrogène existant en réserve en cas d'urgence et de voir le cas échéant si le nouveau groupe pourra être utilisé lors d'événements dans la commune. Il souligne qu'il serait inconcevable de détruire l'ancien groupe électrogène puisqu'il a été réparé et pourra être utilisé en cas de réelle nécessité. Monsieur Romain Becker (DP) suggère qu'un règlement devrait être élaboré pour donner la possibilité aux associations d'exploiter le nouveau groupe électrogène de la commune. Monsieur Romain Daubenfeld (LSAP) souligne qu'il faudra prioriser les événements pour lesquels la commune est organisatrice principale.

VOTE UNANIME

II.2. Devis du projet « acquisition d'une voiture électrique »

Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) explicite les avantages d'une voiture électrique circulant sur le territoire de la commune et à disposition de l'administration, principalement pour le service technique et le personnel contraint à se déplacer dans la commune. Il ajoute que le responsable du dossier était sceptique quant à l'acquisition d'un tel véhicule et qu'il a depuis testé quelques modèles et est persuadé de l'utilité d'une voiture

Romain Daubenfeld (Conseiljee, LSAP):
Dat ass net richteg wat den Här Becker seet. Jo d'Electroautoen ginn et effektiv schonn laang, mee se hunn sech net duerchgesat well soss wieren mir effektiv schonn méi wäit. Mir versichen schonn laang déi fossil Energie ze ersetzen, mee wann een weess wéivill Electroautoen de Moment ënnerwee sinn an wéivill Bornen dass et de Moment ginn dann wëssen mer dass dat eng Technologie ass déi am gaangen ass sech duerch ze setzen also wollten mer elo net virun d'Kar sprangen an dat testen, näischt aneschters.

José Goncalves (Conseiljee, CSV):
Ech wollt soen do soll een sech net vill Gedanken doriwwer maachen et soll een deen Auto einfach kafen. Mir sollen einfach kucken dass mer manner Ofgasen an eisen 2 Dierfer kréien a fäerdeg ass de Lack. Ech schléissen mech un, et ass schonn 20 Joer hir dass déi éischt Elektroautoen eraus koumen. Bei de Batterien, do muss een kucken fir e Leasing ze maachen wéi de Buergermeeschter et gesot huet an da gëtt schonn gekuckt dass déi dono entsuergt ginn. Wann mer elo e Bensiner kaf hätten da géngen mer och bei 25.000-. Euro leien mee do mussen och Vidangen gemaach ginn. Komm mir fänken einfach elo domat un.

Camille Thomé (Conseiljee, CSV):
Ech wollt emol nofroen ween op deem Auto fiert? Kritt e bestëmmtenen Service deen oder kann jiddereen deen huelen oder ass et sou dass een deen kann huelen wann een Loscht huet. Et muss sech jo awer och rentéieren. Et geet jo net duer fir 30.000.- Euro auszeginn an jiddereen fäert fir dermat ze fueren.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):
Här Thomé, bei der Eisebunn gëtt et eng Regel: Wann een d'Machine aus dem Garage hellt dann gëtt en Owes wann een en dohinner setzt nees voll getankt dass deen nächsten deen kennt sech einfach kann drasetzen an domat fueren. Dat wäert och hei esou sinn: Dee Leschten dee kennt dee stécht de Stecker an, dat schéngt mer kloer ze sinn. Den Auto gëtt awer net un een Service attachéiert. Ech rechnen awer dass de Service technique am meeschten wäert dervun profitéieren well sie sech am Meeschten an der Gemeng mussen déplacéieren. Dat ass awer keen Exclusivrecht. Souwisou wann der wëllt op Dikrech domat fueren muss der schonn den Ticket reservéieren fir mam Zuch erëm ze kommen. Ech muss awer bei eppes widderspriechen. Et stemmt schonn wat den Här Becker seet: Electroautoen ginn et scho laang mee mir hunn awer keng Erfahrungwäerter. An déi probéieren mer hei mat engem Auto ze gewannen an dann am Budget 2015 ze kucken wéi et virun geet. Esou ass et geduecht. Solle mer et dann zum Vote kommen loossen? Déi, déi mam Devis mat d'accord sinn déi bieden ech em en Handzeechen. Ass een dergéint, enthält een sech?

VOTE UNANIME

II.3 Devis vum Projet „aménagement du parking Brill et mise en place de toilettes publiques"

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):
Mir hunn 2014 e Budgetsartikel créeéiert fir den Tapis op eiser Festplaz am Brill ganz fäerdeg ze maachen. Do ass nach e Stéck wou Schlaken leien an wou och Makadam soll kommen an am selwechten Kader sollen ëffentlech Toiletten gebaut ginn déi d'Containeren sollen ersetzen déi den TICE dohinner gesat huet fir hir Chaufferen. Déi 2 Dossieren sinn uneneen gebonnen well se an engem Budgetsartikel stinn. Mir bréngen et haut awer gären zum Vote well mer de Makadam nach wëllen virun de Festivitéiten vun Nationalfeierdag maachen. De Makadam kascht 18.600.- Euro an de Bau vun den Toiletten kascht 42.000.- Euro. Mat der TVA kommen mer dann op déi 70.000.- Euro déi am Budget virgesinn sinn. Mir huelen dat esou elo mat, soen awer net dass d'Toiletten am Juni stinn. Mir maachen elo mol d'Plaz fäerdeg. Eis Bau-Équipe hellt sech där Saach un, esou wéi de Kalenner et virgesäit an dann ginn déi Toiletten gebaut. Dono muss een Regelen fannen wéi déi Toiletten op sinn an wéi se genotzt ginn well mer mussen dat am Gréff behalen. Et war ee Moment och ugeduecht fir eng automatesch Toilette ze installéieren wou een en Euro drageheit an déi sech da selwer botzen, mee dat kréien mer finanziell net hin, well déi sinn schrecklech deier. An der Staat ginn déi deelweis vun privaten Boîten co-finanzéiert. Mir hunn awer kee sou e gudde Sponsor an mussen dofir selwer eis Toiletten bauen a kucken dass se sech an engem État de propreté befannen. Wuertmeldungen vun ärer Säit?

Patrick Krings (Conseiljee, DP):
Dat ass eng gutt Saach well mer net genuch Parkraum hunn. Dat mierken mer iwwerall, hei zu Kayl an zu Téiteng bei de Geschäfter. Dat hei sinn alt 50 Parkplazen méi an dat ass ëmmer gutt. Toiletten sinn och wichteg. An der selwechter Optik mussen mer awer och un Toiletten am Park Ouerbett denken. Do hu mer schonn hei driwwer geschwat. Dat mussen mer onbedengt maachen well déi sinn menger Meenung no nach méi wichteg wéi déi am Brill. Fir d'Leit déi spazéieren ginn ass virun allem déi Toilette am Parc Ouerbett wichteg. Fir Zukunft mussen mer eis awer och iwwerleeën wou mer nach méi Parkraum kennen schafen. Ech weess dass dat schwéier ass mee dat ass eng Saach déi een mam Bureau d'Étude deen mer wéinst der Verkéiersétude geholl hunn muss kucken.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):
Merci Här Krings. Ech wollt just soen wat den Parc Ouerbett ugeet do haten mer Rendez-vous mat den Architekten, déi sinn am gaangen op deem Dossier ze schaffen.

Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng):
Dozou well ech just eppes soen: Méi douce Mobilitéit ass manner Individual-Verkéier, sinn manner Parkplazen. Méi well ech dozou net soen.

Jean Weiler (Conseiljee, CSV):
Fir eis ass et eng gutt Saach dass déi Saachen do realiséiert ginn. Toiletten déi sech selwer botzen sinn vläicht deier mee wann een se benotzt da sinn se an der Rei an se sinn propper. Wann een en aneren Wee geet muss een kucken wat d'Käschten sinn vum Botzen, vum Entretien an vun der Iwwerwaachung. Dat huet eventuell Folgekäschten. Et muss een kucken ob dat méi deier gëtt, an vläicht géngen mer jo och nach e Sponsor fannen fir eng Reklamm do drop ze maachen. Eng aner Saach nach: Dir hat gesot de Makadam géng nach virun Nationalfeierdag gemaach ginn. Ech huelen un dass fir Toiletten och nach technesch Uschlëss realiséiert ginn an et muss een drun denken déi mam Makadamm ze maachen. Net dass dono nees eng Kéier muss opgerappt ginn.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):
Déi technesch Uschlëss déi sinn do. De Schäfferot huet dorop insistéiert, dass déi Uschlëss déi elo fir de Container benotzt ginn och dono fir eis Toiletten kennen gebraucht ginn. Dat ass ok.

Romain Becker (Conseiljee, DP):
Et ass net vu Muttwëll dass do soll eng Toilette hikommen, déi vum TICE hunn jo och Besoinen. Ech mengen dass et awer ganz gutt wier wann déi Chaufferen en eegenen Deel hätten deen net public ass fir ze garantéieren dass déi Chaufferen awer Toiletten hätten déi hirer och würdeg wieren. Anerersäits mengen ech awer och dass de Syndikat TICE awer och kéint en Deel zu deenen ëffentlechen Toiletten bäisteieren, ech denken hei un d'Halschend, well d'Toiletten ginn jo awer wéint hinnen gemaach.

Romain Daubenfeld (LSAP):
*Also mir mussen hei awer 2 Saachen auserneen halen. Den TICE huet Toiletten dohinner gesat an ech sinn hei net den "Avocat du diable" mee et ass eng nationa*l Diskussioun. Chaufferen sollen Toiletten hunn. Ech mengen et ass eis Pflicht als Gemeng de Chaufferen, mee awer och eisen Leit, d'Méiglechkeet ze

électrique. Le véhicule pourra être rechargé à l'aide d'une prise électrique au « Widdem ». Le prix s'élève à 35.000.- €. Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) met en exergue le fait qu'il existe des véhicules plus onéreux, mais qu'un prix modéré suffit pour un usage journalier, le temps d'expérimenter ce nouveau type de véhicule.
Monsieur Jean Weiler (CSV) approuve l'utilité d'un tel véhicule écologique au niveau local et demande si les batteries seront achetées ou prises en leasing. Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) répond que la voiture électrique sera achetée et les batteries seront prises en leasing. Monsieur Romain Daubenfeld (LSAP) ajoute qu'il faudra expérimenter les avantages d'une telle voiture à coût modéré avant d'envisager un modèle plus cher. Il est favorable à l'achat du véhicule et au leasing des batteries.

Monsieur Romain Becker (DP) s'étonne du prix du véhicule et fait remarquer que ce type de véhicules existe depuis longtemps. Monsieur Romain Daubenfeld (LSAP) rétorque que peu de véhicules électriques se sont frayé un chemin dans la vie de tous les jours et que le nombre de bornes de recharge est trop faible ; il s'agit encore d'une technologie en devenir.

Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi greng) rappelle que ce genre de mesure est en ligne avec le pacte climatique et avec le fait que la commune doive prendre en compte de nouveaux moyens de transport plus écologiques. Il ajoute qu'en 2018, 20.000 voitures électriques circuleront au Luxembourg et qu'à ce jour le pays n'en compte que quelques milliers. La question de l'installation de bornes de recharge se pose pour la commune. Monsieur José Gonçalves dos Anjos (CSV) s'exprime en faveur du projet.

Monsieur Camille Thomé (CSV) pose la question de savoir quel service pourra utiliser le véhicule et à quelle fréquence. Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) explicite que le véhicule ne sera pas rattaché à un service en particulier, mais qu'il servira probablement plus au service technique qui se voit être amené à se déplacer très régulièrement.

VOTE UNANIME

II.3. Devis du projet « aménagement du Parking Brill et mise en place de toilettes publiques »

Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) expose le projet d'aménagement du Parking Brill

KÄLTÉITENG